**Communiqué de presse**
Service Presse et Communication
25. August 2025

# OFFIZIELL PORTRAITE VUM ZUKÜNFTEGE GRAND-DUC AN DER GROUSSHERZOGLECHER KOPPEL DISPONIBEL FIR INSTITUTIOUNEN, ADMINISTRATIOUNEN A BETRIBER

Am Kader vum Trounwiessel, deen e Freideg, den 3. Oktober 2025 stattfënnt, huet d'Maison du Grand-Duc offiziell Portraite vum zukünftege Grand-Duc an der zukünfteger groussherzoglecher Koppel maache gelooss.

Dës Fotoen, déi vun de Lëtzebuerger Fotografe Kary Barthelmey a Christian Aschman gemaach goufen, ginn traditionell an den ëffentleche Gebaier a Geschäfter ausgestallt. D'*Division Imprimés et fournitures de bureau du Centre des technologies de l'information de l'État* (CTIE) këmmert sech ëm d'Diffusioun vun de Fotoen un all staatlech Administratiounen. All aner interesséiert Entitéit ka sech per E-Mail un de CTIE wenden, op dëser Adress: diffusion@ctie.etat.lu

De Portrait vum zukünftege Grand-Duc a Militäruniform gëtt no senger Nominatioun zum Generol publizéiert.



**Portrait vum zukünftege Grand-Duc Guillaume an Zivilkleedung**
© Maison du Grand-Duc / Kary Barthelmey



**Portrait vun der zukünfteger Groussherzoglecher Koppel**
© Maison du Grand-Duc / Christian Aschman